



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Mobilitéit & Gesondheet
weiderzeleeden.**

D'Cargolux féiert 2021 hiert d'50järegt d'Bestoen. 2020 huet Cargolux konnten een Rekordbenefice vun iwwer 630 Milliounen Euro erzielen. Déi momentan sanitär Kris huet der Fluchgesellschaft also net geschuet.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Regierung dass d'Cargolux kann als Gewënner vun dëser Kris bezeechent ginn a wa jo, wäert d'Cargolux och ënnert déi ugeduechte Stéier fir d'Gewënner vun der Kris falen, déi vu verschiddene Regierungsmembere proposéiert gouf ?
2. Wéi vill Material huet d'Cargolux 2020 am Opdrag vum Staat op Lëtzebuerg transportéiert?
Kann d'Regierung Detailler zu dëse Liwwerunge ginn (Material an Unzuel) ?
3. Huet d'Cargolux och Covid-19 Impfstoff am Opdrag vun der Regierung op Lëtzebuerg transportéiert?
Wa jo, wäert d'Regierung och ënnert dem néie Verwaltungsrot weiderhin Opdrag am Zusammenhang mat Covid-19 un d'Cargolux ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu